1-2021-O-2-6707-01 (n°3641)

ADR
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 9. November 2021

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Altersdiskriminéierung am Code de la route, wat d'Net-Verlängerung vun de Camions-Fürerschäiner ugeet, nach ëmmer Bestand huet;
- de Minister fir Mobilitéit versprach huet, dëst „bei der nächster Ännerung vum Code la Route" (Äntwert op d'parlamentaresch Froen Nr. 4657 a 4770 vun den honorabelen Deputéierte Roy Reding a Michel Wolter) ze behiewen;
- de Krees vun de Betraffenen net just Camionschaufferen a Leit mat Mobilhome sinn, mee och Sammler vun historesche Gefirer ëmfaasst, déi mat hire Gefierer och u kulturelle Commémoratiounsveranstaltunge wëllen deelhuelen;

ass sech bewosst, datt

- déi an Aussiicht gestallten Ännerung am Code de la Route den Ablack zäitlech net definéiert ass;

fuerdert d'Regierung op,

- all Dispositiounen ze huelen, fir datt all Forme vun Altersdiskriminatioun bis Enn dës Joers aus dem Code de la Route gestrach ginn.

Jeff Engelen